

# PHILIPPE HULSBOSCH

## Kandidat fir d’Gemengewalen 2023 am Kiischpelt

- wunnen zu Äischer
- 40 Joer
- Chargé am Kliewer Lycée

Mäi Numm ass Philippe Hulsbosch an ech wunnen zu Äischer.

Ech sënn Chargé an der Geschicht am Kliewer Lycée, së Papp vun zwee klenge Kanner an stolze Besëtzer vun engem Mupp, puer Päerd, engem klengen Trapp Kéi an zwee Ieselen.

Mäin Interesse gëllt virun allem dem Sport, der Geschicht, ewer och der Natur an der Landwirtschaft.

Woufir wëll ech mech engagéieren?

**Politisch wéilt ech mech asetze fir folgend Themen:**

- Manner Liichtverschmotzung (nom Virbild vun der Klierwer Gemeng) Stroum spueren a gläichzäitig eppes Positives ma fir Mënsch an Déier.

- Moossnamen zur Verkéiersberouigung :
Tempo 30 Zone mat Hindernisser an allen Niewestroosse fir d'Sécherheet virun allem fir d'Kanner ze erhéijen. Tempo 30 mat Hindernisser op geféierliche Plazen op der Haaptstrooss (zu Äischer lanst d'Schlass erop, Pënsch lanst d'Kapell rof an d'Duerf, ...)

- Méiglichkeete fanne fir een zolitte Réckgang virun allem vum Motorradsverkéier ze garantéieren. Mir hu wirtschaftlich net genuch dovun, fir déi Ëmweltverschmotzung, Kaméidisbelästigung fir Mënsch an Déier ze rechtfäerdigen. Just fir ze soen, d'Gemeng hätt do keng Befugnisser op Staatsstroossen ass ze einfach!

- Eng Barrière opriichten tëscht Lëllgen an Holztem fir datt d'Naturschutzgebit nëmme kann ugefuer gi vu Lekt déi eppes do verluer honn. (wéi op der Radpist tëscht Lëllgen an Alschent)

- Konservéiere vun eisem kulturellen Ierwen : aktive Schutz vun erhalenswäerte Gebaier. Keen Ofrappe méi vun alen Häff oder Café'en! Ee bessert Notze vu bestoende Gebaier (Bsp.Loumillen, Sproochenhaus)

- Keen iwwerdriwwent Bauen. Mir sënn eng kleng Gemeng a sollen och eng kleng Gemeng bleiwen. Fir éischt soll d'Infrastruktur ugepasst ginn, an da soll gekuckt gi wou et Sënn mécht ze bauen.

- Een Ausbau vum Velossummer (méi lang, op méi Platzen)

- Ariichte vun engem ëffentliche Gemengegaart

- Aféiere vun engem Biergerrot bei grousse Projet'en – méi direkt Bedeeligung vu Lekt aus der Gemeng déi näischt mat der Gemeng ze dinn ho nom Beispill vu Beckerich. Ausserdeem sollt bei all gréisser Projet eng Informatiounsversammlung ofgehalen ginn.